Bd. N° 57.

# D'Joffer Ketty

Schwank an engem Akt

vum

**EUGENIE ARENS**

# Verschèrzt Gléck

Loschtspil an zwe'n Akten

vum

**EUGENIE ARENS**

Letzeburg 1922
Drock a Verlag vum P. Worré-Mertens
J. P. Worré, Nofolger.

# D'Joffer Ketty.

**Perso'nen:**

**Madame Dr. Grof.**
**Lily,** hir Duechter.
**D'Joffer Friedrich,** eng Frendin.
**Ketty,** de' nei Mod.
**E Blèchschle'er.**
**E Gärtner.**
**En Ustreicher.**

**1. Scène.**

*(En Zemmer an engem reichen Haus; an der Mett e ronnen Desch mat engem Tèppech drop, an Zeitongen, Bicher etc. E Kanappé, 2 Fotèllen, Still, e Spigel. — Beim Desch setzen d'Madam Grof an hir Duechter Lily, e Kand vun 12—14 Joer, d'Madam huet e Bre'f an der Hand.)*

*Madam:* Do hun ech jo e Bre'f vun dém neie Médche kritt, lôss kucke wat et schreift. *(Sî liést d'Adrèss:)* An Madam Krof Ettelbruck, Grosherzochtum Luzemburg — Europa. *(Sî lâcht.)* Ech wèrd dach kèngt aus Africa kre'en, *(sét se a liést virun.)* Geerde Madam. Ich ergreife die Fedder um ihnen zu Wisen zu dun, das Ich komme, heute midag bin Ich da, der Blatz gefällt mir gutt, Ich kann sie auch ser gutt kochen und auch wiksen *(Sî lâcht).* 100 frangen ist aber nicht fil für eins wie Ich, meine letzte Madam wo ich 3 Dage war, hat gesacht, so eins hât Sie in Ihrem Leben noch keins gehat und hat die Hände über dem Kopp zusammengeschlacht vor lauder Ferwunderung. Ich komme aber und grüse sie herzlich. Ketti.

*Lily:* Ech menge, Mama, do krite mer èppes feines.

*Madam: (seifzend.)* Ech och! *(Sî huolen d'Zeitongen a liesen, op émol klappt et.)*

*Madam:* Herein!

2. Scène.

*(De' Vireg an d'Ketty.)*

*(d'Dir gêt op an d'Ketty kent eran: èng giél Jupe, giél, kloer Stremp, ausgeschnidde Schong, èng feierro't Tricots Jaquette oder Mantel, e ro'den Hutt an èng ro't Voilètte.)*

*Ketty:* Bonjour Madam a Joffer, do wir ech!

*Madam: (Erstaunt.)* Mè dir set alt dichteg gebotzt, fir déngen ze goen.

*Ketty:* Jo, dat ass haut net me' ewe' an der Zeit, haut ass en âner och èppes. An et ass ê jo och net vu neischt hèr, mei Papp . . . *(Zaudert.)*

*Madam:* Maija, wat mecht ère Papp dann?

*Ketty:* Neischt, hé gét de ganzen Dâg spaze'eren.

*Madam:* O, a we' dat dann?

*Ketty:* Hm — mat der Hierd!

*Madam:* O dann — — da git iech change'eren. *(Ketty of.)*

3. Scène.

*(D'Madam an d'Joffer.)*

*Madam:* Wat sés du derzo', Lily?

*Lily:* Et ka sche' gin, Mama!

4. Scène.

*(De' Vireg an d'Ketty.)*

*(D'Ketty kent erem, e weîsst, zerknautert Kléd un, dönn ewe' Spawèck, kurz Ärm, e Bracelet mat ènger Auer, ve'er Réng an de Fanger.)*

*Ketty:* Hei sin ech erem!

*Madam: (îrgerlech.)* A wat gét iech un, gitt der op de Bâl? Ditt we'negstens e gro'sst Schirteg un, an dat Geréngs aus de Fangern, — dir braucht och kèng Auer.

*Ketty. (Mecht e Gesîcht a kno'tert.)* Reiche Butik, et mèngt ên alles wèr nemme fir sî!

*Madam:* Elo gin ech a meng Duechter fort, da mâch der d'Stuff elei proper, a wann d'Joffer Friedrich vleicht kent, da sot hir sî soll warden. *(Gêt aus a kent erem mat ènger Flèsch an engem Tèller mat Bre'dercher.)* Hei ass eng Flèsch Wein a Bre'dercher fir se. *(Zum Lily:)* Wann ên hîr neischt zum Bèschte get, mécht s'ên iwerall erof. Ketty, da gi mer! *(Allen zwê of.)*

### 5. Scène.

*(Ketty elèng.)*

*Ketty: (Et kuckt rond em.)* Hei soll ech botzen, mè et ass jo net schmotzeg, du mein, wa mir dohém eso' kriddeleg wären. — Elo raschten ech emol! *(Et strèckt sech op de Kanappé an 't sét:)* O Mamm, wat hun de' Reich et gutt! *(Da séngt et mat kreischender Stemm eng Strof vum Feierwôn. Durno sét et:)* Ech konnt allzeit gutt sangen, schons an der Scho'l, mè ons Le'erin wor emmer neideg, sî huet emmer gesot, ech soll stöll halen, domm Totz, elo sangen ech, wann ech wöll. *(Et fänkt erem un, da klappt et.)* Herein!

### 6. Scène.

*(E Blèchschle'er, d'Ketty.)*

*(E Blèchschle'er am Paletong a gro'sse Schirteg kent eran, en huet e gro'sst Stéck nei Uewepeif an eng Kescht um Réck.)*

*Blèchschle'er:* Bojour, Joffer.

*Ketty:* Bojour, Hèr, kommt dir eran!

*Blèchschle'er:* Ech soll en Uewen oprichten.

*Ketty:* D'Madam ass net hei, stèlt de' Peif hir, an da setzt der iech e besschen. *(Hie stèllt d'Peif an d'Kescht an den Eck.)*

*Ketty:* Well der e Glas Wein an e Kichelchen? *(Et bréngt 2 Gliéser an d'Sâchen, de' fir d'Joffer Friedrich sin.)* Eso', elo drénke mir emol e Gliéschen, dat schued ons neischt! *(Sî iéssen an drénken.)*

*Blèchschle'er:* Wat set dir emol eng scharmant Joffer, eso' hun ech nach kèng bege'nt!

*Ketty:* Dat soen d'Leitt all, ech gefale jidderèngem. *(Et klappt erem.)*

*Ketty:* Herein!

## 7. Scène.

*(De' Vireg, e Gärtner.)*

*(De Gärtner, och am gro'sse bloe Schirteg, bréngt e gro'sse Kuerf Geme'ss an Zalot.)*

*Ketty:* A wat bréng dir dann do?

*Gärtner:* Ech brénge Geme'ss fir d'Madam Grof.

*Ketty:* Aha, da bréngt dir et eran a sètzt et nemmen op den Desch, eso'. — Nun huelt och nach e Gliésche Wein e'er der gitt!

*Gärtner:* Mè dir set en Engel!

*Ketty:* *(geschméchelt.)* Net! *(Sî schocken zesummen an drénken.)*

*Blèchschle'er:* Da gin ech elo mat him hêm, ech kommen derno erem.

*Ketty:* Dajé.

*Allebe'd:* Awur, Joffer, a villmol merci.

*Ketty:* Et ass gire geschitt.

## 8. Scène.

*(Ketty elèng.)*

*Ketty:* De' Kichelcher si gutt, ech huele nach ên, dann ass wuel nemmen ê me' do, mè dat ass och genug fir de' al Pastill. *(Et hält d'Flèsch ge'nt d'Lûcht.)* Hm, soll et nach e Glas gin, nujé, wann et och net ganz voll get, — — lauschter — dat wèrd se wuel sin — herein!

## 9. Scène.

*(D'Joffer Friedrich, d'Ketty.)*

*(Eng elegant Damm mat engem Lorgnon kent eran, kuckt verwonnert rondem.)*

*Joffer Friedrich:* Ass d'Madam Dokter net hei?

*Ketty:* Nên, sî kent ower geschwenn, huet sî gesot. Wann dir d'Joffer Friedrich set, da soll dir e Glas Wein drénken an e Kichelchen iéssen, soss géng dir sî iwerall erof mâchen, huet sî gesot. *(Et schöt eraus, et get nemmen ½ Glas.)*

*Damm: (An èngem Eijer.)* Sot èrer Madam, ech hätt z'iéssen an ze drénken dohém, an ech ge'f hinfüro net me' *vun* hir, mè och net me' *mat* hir schwètzen. (Of.,)

## 10. Scène.

*(Ketty elèng.)*

*Ketty: (Verwonnert.)* Hm, et mèngt ên de' wär be's! — We' geflappt! — Dann iéssen ech en, en ass wuel gutt! *(Et esst.)*

## 11. Scène.

*(D'Madam, d'Joffer, d'Ketty.)*

*(D'Dir gêt op, d'Madam an d'Joffer kommen.)*

*Madam:* A wat get elei *(kuckt uechter d'Stuff)*, wat ass dat alles — sètzt dach em Gotteswellen dé Kuerf vum Desch.

*Ketty:* E stêt jo gutt!

*Madam: (Geseit den Tèller an d'Flèsch.)* Wor d'Joffer Friedrich hei?

*Ketty:* Jo!

*Madam:* An sî huet dé ganzen Tèller voll Bre'dercher giéss?

*Ketty:* Nên, sî huet kê wollt, du hun ech se giéss, sî huet gesot, sî ge'f net me' mat iech schwètzen.

*Madam: (Lues zum Lily.)* A wat soll et do wuel opgerîcht hun, mir musse kucke goen. *(Zum Ketty:)* Mir gin nach

e besschen eraus, mâcht datt alles an der Rei ass wa mir erem kommen. An da bekemmert dir iech och em d'Nuechtiéssen. *(Zum Lilly:)* Wat solle mer kachen, Lily?

*Lily:* Ech wêss et net, Mama!

*Ketty:* Vleicht Breî, ech iéssen dé gieren!

*Madam:* *(Sî an d'Lily lâchen.)* Botzt dir alt Zalot a schiélt Gromperen, de Rèscht brénge mir mat. *(Allen zwê of.)*

12. Scène.

*(D'Ketty, en Ustreicher.)*

*Ketty:* *(Gêt aus a kent erem mam Biésem an ènger Hand, an der aner en décken Apel, et beîsst kräfteg dran a lét de Rèscht op den Desch.)* «Wat e Geme'ch mat hirem Gebotz!» *(Et stèllt de Biésem dur ,kuckt an de Spigel a rescht un sech, da klappt et erem, et kuckt aus; do stêt den Ustreicher an der lânger Schipp mat èngem Emer Weîss an ènger lânger Bîscht.)*

*Ustreicher:* Gudden Owend, ech soll d'Bâckes ustreichen!

*Ketty:* A eso', o dat presse'ert net, kommt rascht e we'neg, stèllt èr Sâchen hir! *(Et réckt him eng Fotèll dur an hatt setzt sech an de' aner.)*

*Ustreicher:* Mè elei setzt ê net schlècht!

*Ketty:* Dat so dir gutt!

*Ustreicher:* Set dir scho lâng hei, Joffer?

*Ketty:* Ere'scht zenter haut.

*Ustreicher:* Hei hu dir och eng gutt Plâtz.

*Ketty:* Mei Gott, et ass alt ewe' iwerall, der wesst, Dengscht ass Dengscht *(Et hält d'Nuesschnappech bei d'Aen.)* Et wär ên och le'wer bestued!

*Ustreicher:* Bestued, du mein, eso' e le'ft Médche get och bestued!

*Ketty:* *(Lâcht mam ganze Gesîcht.)* Mèngt dir? Ge'f dir mech da vleicht huelen?

*Ustreicher:* A fir wat da net, ech kucke scho lâng no engem.

*Ketty:* *(sprèngt op.)* O Mamm, we' sin ech elo eso' gléck-lech, ass et och secher, ganz secher?

*Ustreicher:* Ma gewess!

*Ketty:* Hurrjé, da gin ech mech elo se'er undin an da gi mer. *(Of.)*

**13. Scène.**

*(Ustreicher elèng, derno d'Ketty.)*

*Ustreicher: (Reselt de Kapp.)* Zapperlo't, dat gêt iéwel elo e bessche fix — nujé, émol muss et jo sin an et gefällt mer glat net iwel! *(D'Ketty kent erem, ugedoen ewe' am Ufank.)* O Ketty, we' bass du eso' sche'n!

*Ketty:* Nedu! So elo hänks de dei Kiddel hir baussen an de Gank, soss pass du net bei mech! *(Sî gin. An der Dir kuckt d'Ketty erem an et sét:)* Dir kennt èr Stuff sèlwer botzen!

*RIDO.*